Lëtzebuerg, den 7 juillet 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

*„Rezent ass et zu Bartreng bei engem Passage à niveau zu engem Tëschefall komm, bei deem eng Automobilistin mat hirem Gefier op de Gleisen tëscht den zouene Barrièrë stoung, an den Auto du vum Zuch matgeholl gouf.*

*Am Ausland, z.B. an Däitschland, ginn et op verschiddene Plaze sougenannt „Gefahrenraum-Freimeldeanlagen", déi mellen, wann en Objet op de Schinne steet a sou eng Kollisioun solle verhënneren.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Zu wéi ville sou Accidenter wéi dee rezenten zu Bartreng ass et an de leschte fënnef Joer zu Lëtzebuerg komm?*
- *Ginn et Plazen, wou sou Accidenter besonnesch dacks virkommen?*
- *Ass den Här Minister der Meenung, dass et derwäert ass, och zu Lëtzebuerg déi uewe genannte Gleiseradaren op verschiddene Plazen z'installéieren?*
- *Wa jo, wou wier dat? Bis wéini kéint dës Mesure ëmgesat ginn?*
- *Wéi vill Passages à niveau sinn an de leschte fënnef Joer wechgeholl ginn? Op wéi enge Plazen ass dat geschitt?*
- *Wéi vill Passages à niveau sollen an den nächste Joren nach fortgeholl ginn? Op wéi enge Plaze soll dat*

*geschéien? Bis wéini sollen déi eenzel Projeten ofgeschloss sinn?"*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten